ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Corona-Pandemie iwwerhëlt de Staat bei der Kuerzaarbecht eng Ausgläichsentschiedegung an der Héicht vun 80 Prozent vum Gehalt. Dës ass no uewe begrenzt op 250 Prozent vum Mindestloun an no ënnen op de sozialen Mindestloun fir net qualifizéiert Salariéen. D'Differenz tëschent dem Betrag vun der Ausgläichsentschiedegung an dem Mindestloun gëtt vum Beschäftegungsfong iwwerholl. Dës Moossnam gëllt vum 18. Mäerz 2020 un.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Aarbechtsminister:

1. Wéi vill Salariéë si bis elo vun dëser Ausgläichsentschiedegung op de soziale Mindestloun betraff a wéi eng Zomm gouf insgesamt a pro Mount opgeschlësselt bis elo definitiv un d'Salariéeën ausbezuelt?
2. Wann een hypothetesch unhuele géif, datt déi genannten Ausgläichsentschiedegung (nieft der Begrenzung no uewe vun 250 Prozent vum Mindestloun) net just op 80 Prozent vum Gehalt festgeluecht gi wär, mee op 100 Prozent vum Gehalt festgeluecht gi wär: Ëm wéi vill wär de Gesamtbetrag vun deem, wat bis elo insgesamt verrechent gouf, geklommen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten